adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
23 FEV. 2018
3644

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Februar 2018

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukture weiderzeleeden.

Tëscht dem belschen Aubange (Éibeng/Ibéng) an Esch/Uelzecht leeft eng Héichspannungsleitung, déi zënter 2008 keng legal Autorisatioun méi huet, well dës vum belsche Staatsrot annuléiert gouf. D'Protester géint dës Leitung huelen an der Belsch zou, an de wallouneschen Ëmweltminister sicht eng Léisung. An deem Kontext wëll ech dem Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen eng Rei Froe stellen:

1. Wat géing d'Desaktivéierung vun dëser Energieleitung fir d'Lëtzebuerger Stroumnetz bedeiten?
2. Wéi séier missten Ersatzléisungen duerfir fonnt ginn?
3. Wéi eng eventuell Auswierkungen hätt d'Desaktivéierung vun dëser Stroumleitung op de Stroumpräis zu Lëtzebuerg?
4. Wou a wéi gëtt de Stroum produzéiert, deen iwwer dëse Wee op Lëtzebuerg kënnt?
5. Wéi eng Auswierkunge finanzieller an anerer Natur hätt d'Desaktivéierung vun dëser Leitung op Lëtzebuerger Verflichtungen, wat d'europäescht Stroumnetz an déi international Klimapolitik ugeet?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 23 février 2018

Objet : Question parlementaire n° 3644 du 23.02.2018 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser - Ligne à haute tension entre Aubange et Esch-sur-Alzette

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Mars Di Bartolomeo
Président de la Chambre des Députés